LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 4474 vum 15. Juli 2026 vun den Häre Deputéierte Gusty Graas an André Bauler iwwer déi spéit Zuchverbindungen.

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen iwwer déi spéit Zuchverbindungen.

1. *Wéi huet sech d'Notzung vun de spéiden Zuchverbindungen zënter hirer Aféierung entwéckelt, virun allem op der Streck Lëtzebuerg–Ettelbréck–Clierf–Ëlwen an op der Streck Lëtzebuerg–Rodange? Ginn et Donnéeën iwwer d'Zuel vun de Passagéier, déi dës Zich um Freideg- a Samschdegowend respektiv an de fréie Moiesstonne notzen?*


D'Donnéeë weisen eng insgesamt positiv a stabil Entwécklung vun der Notzung vun de spéiden Zuchverbindungen op deenen zwou Strecken.

D'Passagéierzuel baséiert op systematesch geplangten Stéchprouwen.

Passagéierzuel per Zuch:

| | 3701<br>01:10 Lux<br>\|<br>02:25 Ëlwen | | 3703<br>03:35 Lux<br>\|<br>04:50 Ëlwen | | 6701<br>01:18 Lux<br>\|<br>02:16 Rodange | | 6703<br>03:18 Lux<br>\|<br>04:16 Rodange | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| ANNEE | MOYENNE | MAXIMUM | MOYENNE | MAXIMUM | MOYENNE | MAXIMUM | MOYENNE | MAXIMUM |
| 2026 | 61 | 100 | 42 | 94 | 88 | 187 | 60 | 97 |
| 2025 | 71 | 266 | 30 | 102 | 92 | 166 | 60 | 106 |
| 2024 | 50 | 110 | 22 | 28 | 70 | 78 | 49 | 76 |
| 2023 | 34 | 41 | 28 | 53 | 77 | 88 | 58 | 75 |
| 2022 | 27 | 48 | 34 | 78 | 62 | 99 | 51 | 70 |
| 2021 | 32 | 56 | 30 | 48 | 96 | 104 | 53 | 99 |
| 2020 | 33 | 62 | 36 | 75 | 86 | 126 | 67 | 151 |
| 2019 | 32 | 104 | 28 | 70 | 85 | 245 | 68 | 186 |
| 2018 | 28 | 62 | 27 | 102 | 86 | 219 | 64 | 226 |
| 2017 | 23 | 77 | 27 | 74 | | | | |

Entwécklung vun der Notzung vun de spéiden Zuchverbindungen (2018 – 2026):




2. *A wéi engen Nuechten am Joer ass d'Nofro fir spéit Zuchverbindungen op dëse Strecke besonnesch héich? Kann d'Ministesch déi entspriechend Passagéierzuelen nennen?*

Fir déi regulär Nuetszich leien net genuch eenheetlech Donnéeën vir, fir eenzel Nuechte mat aussergewéinlech héijer Nofro statistesch zouverlässeg ze identifizéieren.

Et ass awer bekannt, datt bei grousse Manifestatiounen eng däitlech méi héich Nofro besteet. Fir esou Geleeënheete ginn zousätzlech Spezialzich agesat. Am Joer 2026 hu beispillsweis ronn 2.470 Clienten d'Spezialverbindunge fir Nationalfeierdag genotzt. Och aner Evenementer, wéi Francofolies oder d'Cavalcade zu Clierf, hunn eng substanziell Nofro generéiert.

| *Date* | *Evénement* | *Voyageurs transportés* |
|---|---|---|
| 01.01.26 | Nouvel An 2026 | 991 |
| 08.03.26 | Cavalcade Clervaux | 140 |
| 12.06.26 - 14.06.26 | Francofolies Esch Alzette | 2 548 |
| 23.06.26 | Fête Nationale | 2 471 |
| 22.05.26 - 23.05.26 | LOA Esch | 1 056 |
| 20.06.26 - 21.06.26 | Fête de la Musique Dudelange | 164 |

3. *Gëtt op Basis vun dësen Donnéeën iwwerpréift, ob déi aktuell Offer nach de Besoine vun de Bierger entsprécht?*

D'Donnéeë weisen, datt e reelle Besoin fir den Nuetstransport besteet an datt déi aktuell Offer op de meeschte Verbindungen eng stabil Nofro opweist.

D'Evaluatioun vun der Offer vum ëffentlechen Transport geschitt reegelméisseg a gëtt ugepasst op Basis vun de Benotzerdaten.

4. *Gëtt analyséiert, dës Offer an Zukunft weider auszebauen, zum Beispill duerch zousätzlech Nuetszich oder eng méi dicht Frequenz op bestëmmten Deeg oder op bestëmmte Weekender?*

Déi aktuell Donnéeë weisen net drop hin, datt eng generell Erhéijung vun der Frequenz vun de reguläre Nuetszich néideg wier. Déi duerchschnëttlech Notzung ass op de meeschte Verbindunge stabil a steet a Relatioun zu der besteeënder Offer.

Dogéint weisen d'Erfarunge bei grousse kulturellen a festlechen Evenementer, datt punktuell eng däitlech méi héich Nofro besteet. An esou Fäll huet sech den Asaz vun zousätzleche Spezialzich als effektiv Moossnam bewäert. Eng weider Entwécklung vun der Offer géif sech dofir éischter op esou geziilt Verstäerkungen ausriichten.

Doriwer eraus, an wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4419 ennerstrach gouf, huet den Ministère säin Subside fir den Service vun den Nuetsbusser gehéicht, fir den Gemengen bei der Organisatioun vun dësem Service ënnert d'Äerm ze gräifen.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes